# De Mënsch als Partner vum Päerd – Präsenz, Kloerheet a Féierung

## SEMINAR




*Eng gutt Relatioun mam Päerd fänkt net beim Päerd un, mee beim Mënsch. Päerd reagéiere* ganz fein op eis Energie, eis Ausstralung, eis Gedanken an eis emotional Stabilitéit. Dofir spillt eis eegen ënnerlech Haltung eng entscheedend Roll an all Zesummenaarbecht – an ass eng Grondlag dofir, datt sech d'Päerd sécher fillt an eis vertraue kann.

Mir erwaarde vun eise Päerd Opmierksamkeet, Léierbereetschaft, kierperlech Fitness an emotional Stabilitéit. Mee wéi steet et ëm eis selwer? Wéi bewosst gi mir mat eiser eegener Energie ëm? A wéi kënne mir fir eist Päerd zu engem rouegen, kloeren a vertrauenswürdege Partner ginn?

### Zil vum Seminar

D'Zil vun dësem Seminar ass et, dech als Mënsch ze stäerken an déi Fäegkeeten z'entwéckelen, déi e Päerd a sengem Partner sicht. Du léiers, méi präsent, méi kloer an emotional méi stabil ze ginn. Wann dës Basis stëmmt, kann däi Päerd sech un dir orientéieren, dir vertrauen a mat dir zesummeschaffen.

### Umierkung

Dëst ass e Praxisseminar, fënnt awer ouni Päerd statt. D'Päerd ass scho perfekt 😊 Mir schaffen hei an eis selwer...
Mat vill Humor, Liichtegkeet an ofwiesslungsräichen Übungen a Spiller entwéckels du Schrëtt fir Schrëtt deng Präsenz, deng Ausstralung an deng ënnerlech Stäerkt.



Laurent Amann
DER TIERFLÜSTERER

Association Luxembourgeoise Des Thérapies Avec Le Cheval

### Inhalter vum Seminar

- **deng Präsenz**
- **deng Opmierksamkeet**
- **deng Zentréierung a Selbstregulatioun**
- **deng Féierung an Entscheedungsfreed**
- **deng Kommunikatioun**
- **deng eegen Energie reguléieren**
- domatt: **Staark a gläichzäiteg léif sinn**

### Weider Informatiounen

| | |
|---|---|
| Datum: | Sa. 17. Okt. a So. 18. Okt. 2026 |
| Auerzäit: | jeeweils 10:00 bis 17:00 Auer |
| Adress: | Lëschter Haff, Monnerich |
| Sprooch: | Lëtzebuergesch |
| Dozent: | Déiereflüsterer Laurent Amann |
| Organisatioun: | ALTAC |
| Grupp: | Kleng Grupp – limitéiert Plazen |
| Präis: | ALTAC-Memberen: 200 € \| Net-Memberen: 250 € |
| Umeldung: | Beim Linda vun der ALTAC, ënner linda.pregno@education.lu |

Bréngt am beschten äert eegent Mëttegiessen mat.